N° 4251
Entrée le 25.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°4251 vum 17. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc GOERGEN iwwert « Tesla FSD Supervised et reconnaissance de l'homologation RDW au Luxembourg ».

Den honorabelen Deputéierten stellt Froen am Zesummenhang mat der Unerkennung vun der provisorescher hollännescher Homologatioun fir de Fuerassistenzsystem « Full Self Driving (FSD) Supervised » vun der Firma Tesla.

Et ass wichteg ze präziséieren, datt de System « Full Self Driving (FSD) Supervised », esou wéi en aktuell vun der RDW ofgeholl gouf, net als System fir autonom oder automatiséiert Fueren am techneschen a juristesche Sënn anzestufen ass.

Dese System ass den 10. Abrëll 2026 vun der hollännescher Homologatiounsautoritéit (RDW) op Basis vum UNECE-Reglement R171 als Fuerassistenzsystem aklasséiert ginn. Dës Decisioun ass no den Dispositioune vum Artikel 39 vum Reglement (EU) 2018/858 geholl ginn, deen et erlaabt, ënner Viraussetzungen an a Form vun Ofwäichungen, nei Technologien oder innovativ Konzepter op de Marché ze bréngen, och wann dës net vollstänneg de bestoende harmoniséierte Reegelen entspriechen. An deem Sënn ass dës Geneemegung als eng provisoresch an derogatoresch Homologatioun, fir d'Land wou se ausgestallt gëtt, anzestufen. Dëser Klassifikatioun no, bleift de/d' Chauffeur*euse zu all Moment voll responsabel, notamment och bei Akzidenter, muss d'Kontroll iwwert d'Gefier all Moment behalen a muss permanent fäeg sinn an de Fuerprozess anzegreifen.

D'Decisioun op europäeschem Niveau fir déi ganz EU steet awer nach aus, an et muss do notamment gekläert ginn op dës Astufung vum System och wierklech am Sënn vum aktuellen regulatoreschen Kader ass. Ech betounen, datt dës Decisioun a groussem Mooss vun der Evaluatioun op europäeschem Niveau ofhänkt, notamment vun der Bewäertung duerch d'Europäesch Kommissioun souwéi vum fachlechen Austausch am Gremium Technical Committee on Motor Vehicles (TCMV) tëscht de Memberstaaten.

Ech wëll an deem Zesummenhang och drop hiweisen, datt eng koordinéiert Approche um Niveau vun der Europäescher Unioun essentiell ass, fir eng kohärent Uwendung vum rechtleche Kader an en héijen Niveau vun der Stroossesécherheet ze garantéieren. Déi zoustänneg Servicer vu mengem Ministère suivéieren dofir d'Aarbechten op europäeschem Niveau enk, besonnesch am Kader vum TCMV, souwéi déi technesch Analysen iwwert d'Verhale vun dëse Systemer am reelle Stroosseverkéier. D'EU wäert virrausichtlech nach bis Enn des Joers hir definitiv Décisioun dozou huelen.

1. Wäert d'Regierung Fuerassistenzsystemer wéi „Full Self Driving Supervised" bis Enn vun dëser Legislatur och op lëtzebuergesche Stroossen erlaben?
   Falls jo, ënnert wéi enge Konditiounen a Restriktiounen?
   Falls nee, firwat net?

Et ass aktuell ofzewarden op d'EU Kommissioun (TCMV) déi hollänesch Geneemegung confirméiert an domadden den System fir déi ganz EU homologéiert gëtt.

Am Fall wou d'EU Kommissioun d'Geneemegung net géif confirméieren, wier d'Benotzung vum System an dëser Form nämlech net mei garantéiert.

2. Wéi wäert d'Decisioun vun der hollännescher RDW sech op Lëtzebuerg auswierken?

D'Decisioun vun der hollännescher RDW huet keng automatesch juristesch Auswierkung zu Lëtzebuerg. Geméiss Artikel 39, §4 vum Reglement (EU) 2018/858 ass déi aktuell Geneemegung provisoresch a prinzipiell op den Territoire vum Memberstaat limitéiert, deen se ausgestallt huet.

Lëtzebuerg, den 25. Juni 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes